Die Filmvorstellung findet am Montag, den 8. Mai um 19:30 Uhr im Festsaal in Brandenburg statt. Der Eintritt ist frei. Für diese Veranstaltung ist eine Anmeldung im Vorfeld an [ecoledugout@naturpark.lu](mailto:ecoledugout@naturpark.lu) erforderlich.

## Wasserfest in Wiltz




Am 9. Mai ist die École du Goût mit einem Stand auf dem Wasserfest des Naturpark Öwersauer in der Kaul in Wiltz vertreten und bietet Wasserverkostungen an. Darüber hinaus werden auf dem Wasserfest eine Vielzahl an Aktivitäten für Groß und Klein rundum das Thema Wasser angeboten.



## Elterevereenegung Noumer

D'Elterevereenegung Noumer – Member vum LEADER Mëllerdall

D'Elterevereenegung Noumer ass, zesumme mat eiser Gemeng, elo offiziell Member am LEADER Mëllerdall! Mir sëtzen eis an fir eng lieweg ländlech Regioun a freeën eis op eng flott an aktiv Zesummenaarbecht.









# NEWS

## Déieregeschichten um Bauerenhaff

Freides, den 21. Abrëll huet d'Betsy Dentzer eis seng wonnerbar Geschichten an engem richtig flotte Kader erzielt. Mir haten 2 ausgebuchte Virstellungen mat 150 Kanner an Erwuessenen. E spezielle Merci geet un den Haff Trifolie, deen eis esou häerzlech empfang huet!







# NEWS









## Familljefest

E Samsdeg, 6. Mee hate mer op eng éischt Edition vum eisem Familljefest invitéiert. Vill Familien haten deemno de Wee op Noumer an de Schoulhaff fonnt an hu sech gutt ameséiert op de Sprangschlässer an op selwer gebauten Spiller wéi Eeërlaf, Zillelaf, Kärzendanz oder Béchseschéissen.



# Nordstadjugend

## Jugendinfopunkt (JIP) - Outreach - Incubator

Dei nei Servicer vun der Nordstadjugend

och fir déi Jonk vu Noumer



De 17. Abrëll 2023 war di feierlech Erëffnung vum *JIP - dem neie Jugendinfopunkt, dem Service Outreach an dem Incubator* zu Ettelbréck am Quartier Gare.

De JIP ass e gratis Informatiounszenter fir Jonker tëschent 12 a 30 Joer, mee och Elteren a Jugendarbechter kréien hei Informatiounen. D'Themen si Fräizäit, Bildung, Beruff, Wunnen, Mobilitéit, Gesondheet, europäesch Projeten, Fräiwëllegendéngscht a villes méi. Hei ass e Raum, wou deene Jonke nogelasscht gëtt a wou si op hirem Wee zum Erwuesse ginn gestärkt ginn. Am JIP gëtt et gratis Zougank zu Informatik-Material an Internet. Zur Ekipp gehéieren d'Nathalie Lobato an d'Nathalie Neumann

De Büro vum Service Outreach befënnt sech och an de Raimlechkeete vum JIP. Hei ginn déi Jonk do ofgeholl, wou si grad stinn a ginn ënnerstëtzt a begleet fir Plaz am Liewen rëmfannen. Eis Outreach behalen d'Hoffnung fir déi Jonk, wann si selwer keng méi hunn. Déi Jonk ginn aktivéiert fir hir Perspektiven a Méiglechkeeten ze entdecken an ze realiséieren. Zum Personal gehéieren d'Melinda Rensonnet an d'Celia Empain.

Den Incubator ass och an de Raimlechkeete vum JIP. Den Incubator ass e Service an Zesummenaarbecht mam Service national de la Jeunesse, dee Jonker ënnerstëtzt, eng ASBL oder eng Jugendinitiative ze grënnen. Si kréien hei eng Adress an Zougank zu engem Coworking Raum, souwéi zu Büros- an Informatikmaterial.

Kontakt:

**JIP - Outreach - Incubator**

26, rue Prince Henri

L-9047 Ettelbréck

Jugendinfopunkt 80 91 65-30

Outreach 80 91 65-31

di aktuell Éffnungszäite a weider Infos

fënns du op [www.nordstadjugend.lu](http://www.nordstadjugend.lu) an op

@Jugendinfopunkt.ettelbreck  





## Graffiti op der Kruuchtener Gare

vum 23.03.2023 - 07.04.2023



An Zesummenaarbecht mat der Gemeng Noumer an der CFL huet d'Nordstadjugend an der Ouschtervakanz mat Jonken aus der Noumer Gemeng eng Mauer op der Gare zu Kruuchten gesprayt. Während 4 Deeg hunn 12 Jonker aktiv un deem Projet deelgeholl. All Jonken am Alter tëscht 12 a 26 Joer war häerzlech wëllkomm seng Kreativitéit bei eisem Graffiti-Projet auszeliewen. Mat der professioneller Ënnerstëtzung vun der Ekip vum „Kamellebuttek“ déi de Jonke mat vill Knowhow zur Säit stoung an hinnen d'Technique vum Graffiti-Sprayen gewisen huet, ass hei e flott Konschtwierk zum Thema „Transport“ op der Kruuchtener Gare entstan. Och fir d'Sécherheet war gesuergt. Obwuel et kal war an och mol eng Drëps gefall ass, huet et de Jonke mega Spaass gemaach.





# Amiperas

## Zefridde Senioren bei der Amiperas - Schéi Momenter konnten mateneen verbruecht gin

Eng gut Zesummenarbecht, en attraktivt d'Joer, gemittlich Stonnen an zefridde Senioren. All dess Elementer hun di 30. Generalversammlung vun der Amipers- Sektioon Noumer am Clublokal vu Cruchten geprägt, déi vum Maria Souvigné - Muller zesumme mat Komitee opgemeet gin ass.

Am Uschloss un hir Wëllkommensgréiss a Wieder vu Merci betreffend di wertvoll Matarbecht déi am vergaane Joer zum Wuel vun denen ronn 80 Memberen zielender Sektioon gelescht gin ass, gouf och un di verstuerwe Memberen vum Senioreveräin geduecht.

Aus dem gut gefüllten Aktivitéitsbericht vum Edmée Hoffmann - Gales gung ervier, dat niewt siewen Comitésitzungen, interne Feieren an interessanten Besichtigungen, véier Porte Ouverten, als Héichpunkt vum Joer, ouni Zeifel, d'Journée du Grand Age mat der Éierung vun de Jubilaren, schéin Momenter zesummen konnten verbruecht gin.

De virléifige Programm vum laafende Joer gesäit esou aus: Dagesausflug, den och vun der Mehrheit vun der Versammlung gut geheescht gouf, ass fir den 19. Abrël virgesin. Fir d'Vakanz vum 12. bis den 15. Juni op d'Wäinstrooss an d'Pfalz mussen mindestenz 20 Leit Interessi weisen fir di néidig Käschten können ze decken. Den definitiven Programm gett vum Komitee nach ausgeschafft. De Mammen- a Pappendag, souwi e Grillfest vir den 12. Juli mat engen weideren Dagesausflug am Hierscht sin schon virprogramméiert a sin och vun dere Versammlung unisono och gut geheescht gin.

Aus dem Keesebericht den mat engem klengen Defizit, trotz enger gudder Finanzbasis, huet missen ofgeschloss gin, goufen och vun de Keeserevisoren Fränz Hoffmann an Jos Aubart als einwandfrei bestatigt.

Vir d'Erweiterung vum Komitee huet kee Kandidat sech gemellt sou dat den elo esou ausgesäit: Edmée Hoffmann (Sekretärin); Lucien Schaus (Keessier). Weider Memberen sin: Germaine Biren, Triny Fantin, Maria Souvigné an Marianne Olsem.



(Text a Foto: Charel Reiser)



# Museksfrënn Gemeng Noumer

## Fréijoersconcert 2023

“Four Dances an der Uropféierung”



De 26. Mäerz 2023 war et erëm esou wäit fir de Fréijoersconcert Editioun 2023 an d' Musikante konnten hiert Kënnen ënner Beweis stellen.



Och des Kéier krut eis Jugend d'Méiglechkeet, dat wat si a sëllege Prouwe geübt haten, virun engem Publikum virzedroen.

Am éischten Deel vum Concert, direkt nom Marsch “Birichina”, koum et zur Uropféierung vum Stéck “Four Dances”, geschriwwen vum Laurent Pierre fir Solo Saxophone (Sopran, Alt, Tenor an Bariton), a vum Solist Romain Ries mat de Museksfrënn Gemeng Noumer virgedroen.





Och dëst Joer konnten d'Medailë vun der UGDA fir eis Musikanten iwerrrecht ginn. De Romain Ries, als Vertrieeder vun der UGDA, huet a senger Usprooch e groust Luef un d'Musiksfrënn Gemeng Noumer ausgesprach, fir hir Aarbecht mat der Jugend.



Niewend dem Marsch "Birichina" an dem Stéck "Four Dances" stoungen nach "Katzenduett" (G.Rossini), "Got it?-Flaut-it!" (James L. Hosay), "Gioiosa" (Antonio Pedone), "Ballad for Tenor Saxophone" (Sam Daniels), "Bands Around The World" (Paul Yoder/Harold Walters) an "Thinking of you" (Eric Swiggers) um Programm.





Matt "Houtenanny" als Zugab hunn d'Musikanten an d'Musikantinne mat hirem Dirigent, dem Pavel Nakhimovitch, hirem groussaartege Publikum Merci gesot.

Mir wollten awer noch der Gemengeverwaltung Noumer matt hire Servicer an eise Sponsore villmolls Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an hir Ënnerstetzung.

Text: Alphonse CLASSEN

Fotoen: Alphonse CLASSEN an Serge BRAUN

## SICHER IN DIE MOTORRADSAISON



Nach einer längeren Pause sollte man sein eigenes Fahrkönnen nie überschätzen. Daher ist es sinnvoll, gerade die ersten Ausfahrten der Saison langsam angehen zu lassen.

Außerdem ist es wichtig, den generellen Zustand des Motorrads und der Ausstattung zu überprüfen.

### DAS MOTORRAD ÜBERPRÜFEN

- ✓ Reifen (Zustand, Profil, Alter, Luftdruck usw.),
- ✓ Bremsen (Belag, Bremsscheiben),
- ✓ Beleuchtung,
- ✓ Ölstand,
- ✓ Kühlfüssigkeit,
- ✓ Batterie,
- ✓ Kette,
- ✓ Helm (Alter, allgemeiner Zustand, Konformität zu Sicherheitsnormen) und Bekleidung.



### FAHRVERHALTEN

Besonders am Anfang der Saison sollte man sich zunächst wieder an sein Fahrzeug gewöhnen. Auch andere Verkehrsteilnehmer müssen sich wieder auf Motorräder einstellen. Zudem ist es besonders im Frühling noch möglich, dass Straßen morgens feucht und rutschig sind.

Wie immer gilt es also, Fahrstil und Geschwindigkeit den Umständen anzupassen und vorausschauend und defensiv zu fahren.

Auch bei Gruppenfahrten sollte man stets einen angepassten Sicherheitsabstand einhalten und die Fahrkünste der anderen, möglicherweise unerfahreneren Fahrer berücksichtigen.

**Wir wünschen eine gute und sichere Fahrt!**



**Im Sinne der Sicherheit aller Verkehrsteilnehmer wird die Polizei während der gesamten Saison gezielte Kontrollen durchführen.**





# Par Mëllerdall

## Éischt helleg Kommioun zu Kruuchten, den 23. Abrëll



Et hunn d'Kommioun gemaach: Joulie Stelmes, Camille Schiltz, Anna a Laura Losch, Yana Schroeder, Anna Stranen, Julie Braun an Daan Losch



Um Wee an d'Kierch hunn eis déi Noumer Musek an d'Pompjeeë begleet. D'Mass ass gesonge gi vun de Kommiounskanner an de Sängerinnen aus der Gemeng Noumer ënnert der Direktioun vum Marie-Josée Wirtgen.



Vun der Parvereenegung Noumer kruten d'Kanner e kleng Cadeau iwwerrecht. Bei der Geleeënheet huet d'Par, a Form vun engem Bouquet Blummen, de Benevoller vun der Katechees an deenen, déi sech ëm d'Kierch vu Kruuchten këmmere, Merci gesot.

Fir Informatiounen iwver d'Catechese an d'Firmung am Hierscht kënt dir uruffen am Parbüro um Telefon 83 70 91, vu méindes bis freides, ausser donneschdes, tëschent 8.30 an 11.30 Auer.

Par Mëllerdall HI Méchel



Aschreiwungsformulaire  
Catechese :

Aschreiwungsformulaire  
Firmung:



# Klibberen zu Kruuchten 2023

Dëst Joer waren et 18 Kanner, déi an 2 Gruppen Karfreideg a Karsamschdeg Moies, Mëttes an Owes duerch d'Stroosse vu Kruuchten gaange si fir d'Aarbecht vun de Klacken ze iwwerhuelen.

Samschdes Mëttes sinn sinn dunn all zesumme bei schéinem Wieder ophiewe gaangen (nach emol ee grouse Merci dem Martine an Albert fir de Weenchen).

Bei där Geleeënheet hunn si och Deko verkaaft, déi Suen (210.-) sinn integral un d'Trauerwee Asbl gespent ginn.

Well den Ukrain Krich nach ëmmer ee wichtegt Thema ass, hunn si decidéiert en Deel vun hire Suen (je 150.-) un d'Kindernothilfe an un d'Unicef d'ukrainesch Kanner ze spenden.

Si hunn dat mat vill Freed a guddem Gewësse gemaach a freeën sech op d'nächst Joer.





# Schoul

AKTIVITÉITEN AM CADRE VUN EISEM PDS


20.5.2023

## Asaz vu neien Technologien am Cycle 1 Précoce



Duerch Thema Roboter wat sech iwwert puer Wochen erstreckt huet, hunn d'Kanner aus dem Précoce verschidde „Basic-Elementer“ geléiert, z.b wéi een eng Maschine kann un- oder ausmaachen, grad sou wéi een d'Lautstärkt mat den Zeechen + a - reguléiert. Eischt Erfahrungen hu si och mat Robotere gesammelt an des programméiert fir no vir an no hannen ze goen an sech och ze dréinen. Dobäi hu si d'Symbol vum Feil besser kenne geléiert a souwuel am Turnen wéi och am Kllassesall d'Feilsprooch geübt. Zum Schluss vum Thema hu si hir gebastelt Roboteren an enger klenger Expo ausgestallt, wou d'Eltren invitéiert goufen fir d'Konschtwierker kucken ze kommen an dobäi och d'Sproochrichtungen (Erklärungen vun de Kanner zu hire Roboteren), di per Tablet opgeholl goufen, duerch QR-Coden ze lauschteren, als sougenannten Audioguide. Och di aner Schoulklasse vu Noumer konnten a klenge Gruppen d'Ausstellung kucke goen an dobäi mat Hëllef vum Ipad ee Quiz zur Expositioun maachen.



Och de groussen interaktive Fernseher huet de Kanner d'ganz Joer erméiglecht de Projet vum „Kritzelbuch“ ganz uschaulich verständlich ze maachen. Sou huet d'Léierpersoun d'Billen vun de Kanner hirem Buch projezéiert an d'Kanner konnte net nëmmen d'Aufgabestellung grouss gesinn, mee och simultan zesumme mat der Joffer matmolen.



## D'Aktivitéiten vun der Spillschoul am Kader vum PDS



Och déi interaktiv Tafel  
kënn bei eis regelméisseg  
an de Gebrauch.



Eisen Numm üben mir net  
nëmmen um Blat.



D'Maus Cody kënnen d'Kanner esou  
programmieren, dat si de Wee bei de  
Kéis fënn.



Um Laptop konnten d'Kanner Spiller zum SILA  
Sproochprogramm austesten.

Um Computer kënnen d'Kanner mam Captain Sharky  
am mathemateschen a sproochleche Beräich  
gefördert gin.




## Coding: De Cubetto an d'Lulu sichen d'Schwämm

De Cubetto, a klénge Roboter aus Holz, a seng gutt Frëndin Lulu wëllen an d'Schwämm eng gutt Glace iesse goen, mee si fannen de Wee net. Kanns du hinnen hëllefen? Dat war d'Missioun vun de Kanner aus dem Cycle 2.1.

Mat Hëllef vu verschiddene Befeeleler (no fir goen, no léns dréinen an no riets dréinen) hunn d'Kanner dem Cubetto an dem Lulu gehollef de richtege Wee fannen. Leider hunn si sech ënnerwee verlaf, mee duerch Tipps vun der Eil, de Leit op der Skihütt, dem Draach, dem Himmelsd'éierchen an der Kapitänin um Schëff hunn si schliisslech d'Schwämm fonnt a konnten sech eng Glace geneemegen.



D'Kanner hunn sech hei missen an d'Sicht vum Cubetto eraversetzen an dem Cubetto seng Schrëtt virausdenke fir un déi jeeweileg Ziler ze kommen.





## Dag vum Buch zum Thema: Net reel?! Fantastesch Geschichten



A Kader vum „Dag vum Buch“ mat dem Thema „Phantastesch Geschichten“, hunn d'Précoce-Kanner vu Noumer sech ganz op d'Bicher vum Korky Paul a Valerie Thomas vun der Zauberin „Zilly“ konzentréiert. Mir hu 5 verschidde Bicher dozou virgelies, ee Collage

vun der Hex gemaach an een Hexelidd geléiert. De Kueder Zingaro hu mir gemoolt an souguer aus Deeg ee Biesem an een Zauberstaf gebak. Verschidde Gesellschaftsspiller vun Hexen goufen am Fräispill proposéiert an och am Turnen goufen d'Kanner a verschidden Déire verzaubert an hu sech och mat Turnmaterial als Hex verkleed. Och d'Joffer hat sech eemol als Zauberin Milly ausginn a fir d'Kanner eng spannend Zaubershow organiséiert.



De Cycle 2.1 ass vum Buch: „Die fliegenden Bücher des Mister Morris Lessmore“ vum William Joyce ausgangen. D'Kanner kruten d'Geschicht erzielt a konnten sech dozou äusseren. Dono hu si Film gekuckt op deem d'Buch baséiert.



D'Kanner sollten dunn hiert Lieblingsbuch matbréngen. Zesummen gouf gekuckt wou den Titel an den Auteur steet, an si hunn ee klengt Buch gebastelt wou sie dës Informatiounen opgeschriwwen hunn. Dono konnten si hir Lieblingszen nach molen. Doropshin hu si ee Plakat gebastelt „Die fliegenden Bücher des Cycle 2.1“





Am **Cycle 3** hunn d'Kanner sech unhand vum flotte Billerbuch „**Glaube niemals einem Raben**“ vum Brigitte Endres (Autorin) a Michael Mantel (Illustrator) mam Thema Fake-News ausernee gesat. Wéi verbreedden esou Falschmeldungen sech a wéi een Zweck verfolgegen se? Wat maachen se mat eis a wéi kënne mir domadder ëmgoen? Wichteg ass, dat mir eis net vun der Angscht leede loossen, ma selwer kritesch denken.



D'Kanner aus dem C3.1 hunn d'Geschicht mat selwergestaltete Stafffiguren nogespillt a fir d' Schüler aus de Cyclen 2, 3 a 4 opgefouert, während d'Kanner aus dem C3.2 dës Fabel als Schiettheater gespillt hunn.



# Eis Gemeng



Am Cycle 3 hu mir villes iwwert eis Gemeng geléiert. Wéi eng Dierfer gehéieren zu eiser Gemeng, wéi vill Leit wunnen hei, wéi eng Bëscher a Baachen ginn et hei? Mir hu mat der Landkaart a mat topographesche Kaarten geschafft ([www.geoportail.lu](http://www.geoportail.lu)) an eis den Internetsite vun eiser Gemeng méi genee ugekuckt. Wéi eng Servicer bitt d'Gemeng un a wien schafft do? Wéi geet dat mat de Walen? A wat mecht e Buergermeeschter?

Mir hate ganz vill Froen an hunn dofir de Buergermeeschter Franco Campana fir en Interview bei eis an de Cycle 3 agelueden. Hien huet eis alles wat mir wësse wollten ganz gutt erkläert. Dofir soe mir villmools Merci.



Eng Fro konnt hien eis awer net beäntweren: Wisou hunn d'Villercher um Noumer Wopen keng Schniewelen a keng Féiss. Wann Dir dat wësst, da kënt dir eis dat gären matdeelen. ([schoulnoumer@nommern.lu](mailto:schoulnoumer@nommern.lu))

Am Juni wäerte mir och d'Büroen vun der Gemeng besiche goen, a kucken wat déi Leit alles fir eis Awunner schaffen.



Den C3.2 huet en Tour duerch d'Duerf gemaach fir e Plang vu Noumer ze zeechen an huet dobäi e puer interessant Entdeckungen gemaach.





## Schoulgaart



D'Gemeng huet de Gaart hannert der Schoul rëm schéin an d'Rei bruecht. De Cycle 3.2 huet am Hierscht Blummeknollen dra gesat. Elo am Fréijoer hu si an engem Deel vun dësem Gaart Ierbessen, Muerten, rout Rommelen, Gromperen, Kürbissen a Sonnenblumen ugeplant.



## Digital Medien

Léierpersonal

D'Léierpersonal huet un enger interessanter Formatioun „TikTok, Instagram & Co. – Was machen Jugendliche eigentlich derzeit online?“ von BeeSecure deelgeholl. Mir hunn en Abléck kritt, mat wat fir engem Inhalter eis Kanner alldeeglech um Internet konfrontéiert ginn. De Fokus luecht bei dëser Formatioun ob der Präventioun.




# Meng Frënn

No der Virlag vum Christiane Ehlinger sengem Gedicht "Meng Frënn" huet och de Cycle 3.2 am Lëtzebuergeschen probéiert en eegent Gedicht ze schreiwen.

Vill Spaass beim Liesen. 😊

D'Yana ka ganz gutt reiden,  
Hatt reit ganz gär och an der Hal.  
Mécht Voltige um Päerd all Dag,  
An och Basket kann hatt spillen scho bal.



D' Louane ka ganz gutt tanzen,  
Hat spréngt an hopst iwwerall.  
Hat lacht an schwätzt de ganzen Dag,  
A spillt och oft dobaussen mat dem Ball.

D'Clara ka ganz gutt wäit sprangen,  
Dat mécht him ganz vill Spaass.  
Um Training gëtt hatt ëmmer Gas.  
A schweesst bis hatt ass, zoppnaass.

De Miguel ka ganz gutt Fussball spillen,  
Hien mécht vill Tricken an dribbelt mam Ball.  
Hien ass dee Schéinsten aus der Klass,  
An dat wësse mir och all.



D' Zoé ka ganz gutt Tennis spillen,  
 Mat him huert een vill Spaass.  
 Hatt schéisst de Ball ëmmer ganz wäit,  
 A spillz, maachz mir am Gras.

D'Chloé ka ganz gutt turnen,  
 Hatt mécht dat all Dag mat ganz vill Freed.  
 Turnt am Gaart ob senger Staang,  
 An ass all Zäit direkt bereet.

D' Enora ka ganz gutt molen,  
 Seng Biller sinn déi schéinsten wäit a breet.  
 Doheem, an der Schoul an a senger Kummer,  
 Mir fannen seng Wierker all den Hummer.

De Nikodem ka ganz gutt Fussball spillen,  
 Doheem, um Terrain an och am Schoulhaff.  
 Do weist hien ëmmer wat e kann,  
 Déi Aner sinn da just nach einfach paff.

D' Lilly ka ganz gutt schwammen,  
 An der Schwämm, rennt hatt rop a rof.  
 Hatt gött sech drun ewéi e Wëllen,  
 A schléift dann owes wéi e Schof.

De Charel ka ganz gutt Basket spillen,  
 Ka schéissen ganz vill Kierf.  
 Hien weist mir seng Schëss,  
 An ech froen ob ech matspillen dierf.

## Virliesconcouers am Cycle 4

Am Kader vun der Promotioun vum Liesen huert och d'ës Joer nees de nationale Virliesconcouers fir d'Kanner aus dem Cycle 4 stattfonnt. 11 Schüler a Schülerinnen vun Noumer sinn an der 1. Etapp ugetrueden. Si hunn sech en Extrait aus engem lëtzebuergeschen, däitschen oder fransésische Kanner- oder Jugendbuch zum Thema GLECK ausgesicht a fläisseg geübt fir d'esen Text fléissend, däitlech, s'engeméiss an ausdröcksvoll virzeliesen. Esou hunn si dem Noumer Jury et net einfach gemaach fir e Schoulgewënner oder eng Schoulgewënnerin ze ermëttelen. Déi 3 Beschtlacéiert hunn e Bicherbong gewonnen, fir déi aner gouf et een Trouschtpräis.

Eng Audio-Opnam mam Extrait vun eiser Schoulgewënnerin ass dunn un de SCRIPT weidergeleet ginn. Do gëtt fir all Regioun ee Gewënner oder eng Gewënnerin ermëttelt. D'ës Regionalgewënner(innen) wäerten de 27. Juni an der nationaler Finall zu Esch untrieden.





## LCD Science Day

Den 10 Mee huet de Cycle 4.2 um Science Day am LCD zu Dikrech deelgeholl.

Nodeems mir mëttes zesummen an der Schoul Pizza giess hunn, si mir mam Bus an den LCD gefuer. Do goufen eis verschidden Ateliere gebueden.

"D' Zukunft ass elektresch" war ee vun deenen. Do hu mir mat Zitrounejus eisen Numm geschriwwen. Duerno si mir mat engem waarme Metallstéck driwwer gefuer an d'Schréft ass esou siichtbar ginn.




Och mat "Zauber-Flëssegkeet" hu mir experimentéiert. Et gouf mat flëssegem Stéckstoff geschafft. Do gouf ee Gummisball an de Stéckstoff geluecht. Duerno gouf de Ball widder d'Mauer geschoss an de Ball ass doropshin ganz ausernee gefall.



Een aneren Atelier war "Leitfähigkeit von Stoffen". Mir hunn do verschidden Experimenter gemaach fir ze kucke wéi eng Materialien Stroum leeden. Mir hunn z.B. Stroum probéiert iwwert Kotteng ze leeden, wat awer net geklappt huet.

Auch mit Robotern wurde gearbeitet. Jeder bekam einen sogenannten „Coach“, der uns Erklärungen gab. Danach übten wir mit dem Rollroboter

Hindernisse zu umfahren. Der Rollroboter ist eine Kugel, mit der man so wie mit einem ferngesteuerten Auto herumfahren kann. Danach programmierten wir die Roboter.




„Ee Gehir aus Stol“ war eine weitere Station. Dort hat man mit einem alten Rechner gerechnet. Die Schüler haben uns erklärt, wie dieser funktioniert. Danach haben wir mit diesem speziellen Rechner Aufgaben gelöst.



Weiter ging es mit „Geheimnis des Lebens: DNA selber machen“. Dort haben die Schüler uns ein Reagenzglas gegeben, in das wir spucken mussten.


Dann haben die Schüler Alkohol zu unserer Spucke hinzugefügt. Danach mussten wir es so lange schütteln, bis es schäumte. Dann wurde noch eine zweite Flüssigkeit hinzugefügt. Nach zwei Minuten konnte man dann unsere DNA sehen.

Dann stand „Naturkosmetik“ auf dem Programm. Dort haben wir Bienenwachs geschmolzen und gerührt. Wir haben Shea-Butter hinzugefügt und wieder verrührt. Anschließend mussten wir einen Duft aussuchen und sechs Tropfen dieses Duftöls hinzugeben. Zum Schluss haben wir die Flüssigkeit in eine kleine Dose gegossen.



Eine weitere Station hieß „Bubble Tea“. Dort haben die Schüler eine Flüssigkeit aus Alginat und Calcium gemischt, die wir dann mit einem Sirup unserer Wahl vermischten. Danach haben wir eine Pipette bekommen, mit der wir die Sirupmischung in das Geliermittel getropft haben.

Dann hat eine Schülerin die „Bubbles“ mit einem Sieb aus der Flüssigkeit genommen. Sie wurden dann mit Limonade gemischt und unser spezielles Getränk war fertig.






Une autre station s'appelait "Calculer comme des Chinois". Là, il y avait des calculatrices chinoises avec des billes. Pour calculer avec cette calculatrice, il existe un système spécial qui nous a été expliqué par les élèves du lycée. Avec cette calculatrice on a dû faire des additions, des soustractions, des multiplications et des divisions.



Beim Atelier "De waarmen Drot" krute mir erkläert wéi Stroum an Elektrizitéit fonctionéiert. Mir hunn dat um "waarmen Drot" getestet. Wien am séierste war, krut een Unhänger vum Lycée aus dem Makerspace.

Kreativ konnten wir beim Atelier "Ölfarben" werden. Die Farben haben wir hier selbst hergestellt, indem Kreide zu Pulver gestampft wurde. Dann fügten wir Quark zum „Kreidepulver“ hinzu. Alle Zutaten wurden vermischt. Als wir fertig waren, durften wir mit den Farben malen.



So konnten wir an diesem Tag nicht nur in vielen interessanten Ateliers neue Dinge entdecken, sondern auch schon ein wenig "Lycéesluft" schnuppern. ☺

# Garderie Butzenhaff Kruuchten



## GARDERIE BUTZENHAFF

### Aktivitéiten am Fréijoer 2023

- Semaines fairtrade vum 01-14 Mee

D'Kanner hunn gehollef Bananne-Milkshake man an hunn Bananne/Hafer-Kichelcher gebak.



- Semaine de l'enfance vum 13-19 Mee : Thema "NATUR »

### Programm vun der Naturwoch :

15.5.23 Blummen planzen

16.5.23 Spill a Spaass mat den Kanner an den Elteren an der Natur mat uschléissendem Picknick

17.5.23 Bewegungsparcours dobaussen

19.5.23 Entdecker-Tröppeltour: Kanner hunn beim Spadséieren goen Naturmaterialien gesammelt an déi mat Luppen ganz genau bestaut.

Diversity Day 23.5.23: „Repas du monde“: ganz Woch interkulturell Menü'er an der Garderie.

### Fräi Bewegungsentwécklung an der Garderie:





Entdecken an erfuerschen:Méisproochegkeet:


Lidder an Geschichten an verschiddenen Sproochen am Alldag vun der Garderie.



# Maison Relais Noumer



## Ausflich an der Sommervakanz mat der Maison Relais ab Cycle 1



Dinopark zu Irrel an Däitschland

Mëttwoch, den 19. Juli

Aschreiwung w.e.g. vun 8-16 Auer

Autorisatioun w.e.g. op Gemeng ab den 01. Juli  
siche goen!

Park Merveilleux zu Bettembourg

Mëttwoch, den 26. Juli

Aschreiwung w.e.g. vun 8-18 Auer



Paiperleksgaart zu Grevenmaacher

Mëttwoch, den 02. August

Aschreiwung w.e.g. vun 8-16 Auer

Escher Déierepark

Freiden, den 11. August

Aschreiwung w.e.g. vun 8-18 Auer



YOYO zu Hesper

Mëttwoch, den 16. August

Aschreiwung w.e.g. vun 8-16 Auer



  
elisabeth  
enfance



## Syrdall Schwämm

Mëttwoch, den 23. August  
Aschreiwung w.e.g. vun 8-16 Auer

## Camping op der Wiss

Dënschden, den 29. August campen mir  
iwwer nuecht op der Wiss niewent der  
Maison Relais. Den Dag ass d'Aschreiwung  
vun 16 Auer nomëttes bis den nächsten Dag  
10 Auer moies. Mir hunn ganz flott  
Aktivitéiten wéi ee Lagerfeier, eng  
Nuetswanderung, Atelieren an lecker Iessen  
preparéiert. Kanner kënnen ab 9 Auer den 30.  
August ofgeholl ginn



## Een Dag am Bësch

Mëttwoch, den 06. September  
Aschreiwung vun 8-16 Auer


## Camping Nommerlayen

Mëttwoch, den 13. September  
Aschreiwung vun 8-16 Auer













**elisabeth  
enfance**



**BUTZENHAFF**



D'Drëttalterskommissioun aus der Gemeng Noumer,  
zesumme mam Lëtzebuerger Verein fir Gediechnistraining  
& mam Info-Zenter Demenz,  
invitéiert Iech härezelech op de Virtrag

## Vergiessechkeet & ganzheetleche Gediechnistraining



- Wéini:** Dënschden, 17. Oktober 2023  
18h – 19h30, duerno offrëiert d'Gemeng e Patt
- Wou:** Paschtoueschhaff  
5, rue des Chapelles L – 7421 Cruchten
- Umeldung:** Tel. 26 47 00 oder per Mail un [info@demenz.lu](mailto:info@demenz.lu)  
virum 13.10.2023



Gemeng Noumer



Club  
UELZECHTDALL



Lëtzebuerger  
Verein fir  
Gediechnistraining




Info-Zenter  
Demenz



# BICHERBUS

vu 14:10 bis 15:00  
zu Kruuchten op der Gare

6. Juli  
27. Juli  
28. September



Service Bicherbus: 26 55 9 - 240  
<https://bnl.public.lu>





